piraten.lu

N°2681
Entrée le 29.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Gemengen entscheeden zu groussen Deeler selwer iwwert hir Bautepolitik. Bauen ass gläichzäiteg och ee lukratiivt Geschäft, bei deem vill Steiergelder a privat Investissementer implizéiert sinn.

An der Vergangenheet goufen souwuel zu Lëtzebeurg wéi och am Ausland ëmmer erëm Fäll, wou politesch Verantwortlech oder Beamten selwer Interessien u Bauteprojeten haten. Dëst ass ee moralesche Problem a féiert och dozou, dass Vertrauen an de Wunnengsmaart verluer gaangen ass. Ee Marché, wou kee Vertrauen ass, ass och ee Marché, deen net optimal ka funktionnéieren.

Wann ee méi a méi séier baue wëll, da muss dofir gesuergt ginn, dass d'Bautepolitik an enger Gemeng esou transparent wéi méiglech a fräi vu potenziellen Interessekonflikter ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass den Inneminister der Meenung, dass et een Interessekonflikt duerstellt, wann ee Verantwortlechen an der Gemengepolitik Undeeler un engem Immobiliefirma huet an den Associé iwwert aner Firme mat der Gemeng Geschäfter mécht?
2. Ass den Inneminister der Meenung, dass den Interessekonflikt aus der Welt ass, wann ee Verantwortlechen an der Gemengepolitik dës Undeeler un eng Persoun aus sengem direkten oder indirekte familiären Ëmfeld verkeeft?
3. Wéi eng gesetzlech Dispositiounen a wéi eng Kontrolle beim Inneministère schütze virdrun, dass Scheintransaktiounen duerchgefouert ginn, bei deenen d'Beneficiairen (an dëse Fall politesch Verantwortlech oder Beamten) zu engem spéideren Zäitpunkt nom Mandat an de Genoss vu

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Faveure kommen?

4. Dierf ee Buergermeeschter eng Baugeneemegung fir ee Projet ginn, an deem hien oder seng Famill selwer een Interessi huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

N°2681
Entrée le 12.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2681 vum 29. Juli 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Conflit d'intérêts au niveau communal en matière de construction"**

**Ass den Inneminister der Meenung, dass et een Interessekonflikt duerstellt, wann ee Verantwortlechen an der Gemengepolitik Undeeler un engem Immobiliefirma huet an den Associé iwwert aner Firme mat der Gemeng Geschäfter mécht?**

**Ass den Inneminister der Meenung, dass den Interessekonflikt aus der Welt ass, wann ee Verantwortlechen an der Gemengepolitik dës Undeeler un eng Persoun aus sengem direkten oder indirekte familiären Ëmfeld verkeeft?**

D'gesetzlech Basis vun den Interessekonflikter vun de Gemengeconseilleren stinn am Artikel 20 vum Gemengegesetz an am Artikel 245 vum Code pénal.

Vun Interessekonflikt, op Basis vum Gemengegesetz, schwätzt ee wann e Conseiller e bestoenden, direkten a materiellen Interessi un enger Affaire vun der Gemeng huet.

**Wéi eng gesetzlech Dispositiounen a wéi eng Kontrolle beim Inneministère schütze virdrun, dass Scheintransaktiounen duerchgefouert ginn, bei deenen d'Beneficiairen (an dëse Fall politesch Verantwortlech oder Beamten) zu engem spéideren Zäitpunkt nom Mandat an de Genoss vu Faveure kommen?**

Déi uewe genannte gesetzlech Dispositiounen erlaben et, am Kader vun der administrativer Kontroll vum Inneministère iwwert d'Gemengen, ze iwwerpréiwen ob et Interessekonflikter bei Immobilientransaktioune ginn.

**Dierf ee Buergermeeschter eng Baugeneemegung fir ee Projet ginn, an deem hien oder seng Famill selwer een Interessi huet?**

De Fall ass net vum vum Artikel 20 vum Gemengegesetz viséiert, awer vum Artikel 245 vum Code pénal. Et ass also méiglech, dass en Interessekonflikt kéint bestoen an de Buergermeeschter muss appreciéieren ob hien d'Geneemegung ka ginn ouni pénal Strofen ze riskéieren. D'Servicer vum Inneministère sinn disponibel fir d'Buergermeeschteren am Kader vun hirer Appreciatioun ze beroden.

Lëtzebuerg, den 12. August 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN